N°4166
Entrée le 02.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 03.06.2026
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Cliärref, den 2. Juni 2026

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Ëmweltminister weiderzeleeden.

De Klärschlamm zu Lëtzebuerg gëtt ë. a. iwwer Verbrennung entsuergt. Mengen Informatiounen no, gëtt e klengen Deel och an der Landwirtschaft als Düngemëttel verwäert an en aneren Deel gëtt am Ausland entsuergt oder an der Zementfabrik matverbrannt.

An dësem Kontext hätt ech follgend Froen un den Här Minister:

1. Wéi vill Klärschlamm ass zu Lëtzebuerg an de leschten 10 Joer ugefall, opgeléscht no Joer?
2. Wéi grouss war den Undeel vun dëser Quantitéit, deen an der Landwirtschaft oder am Gaardebau verwäert gouf?
3. Wéi vill Klärschlamm ass an de leschten 10 Joer an d'Ausland transferéiert ginn?
4. Wéi vill Klärschlamm ass an de leschten 10 Joer der Zementfabrik zougefouert ginn?
5. Besteet fir d'Zukunft en nationaalt Klärschlammkonzept, a wa jo, wéi gesäit dëst aus?

Mat déiwem Respekt,

Michel Lemaire
Deputéierten